PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 01/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Den Artikel 11, Paragraf 4, vun eiser Verfassung gesäit vir:

> (4) La loi garantit le droit au travail et l'Etat veille à assurer à chaque citoyen l'exercice de ce droit. La loi garantit les libertés syndicales et organise le droit de grève.

De Code de la Fonction publique leet, ënnert Anerem am Kapitel 11, d'Prinzippie vum Associatiounsrecht vun de Fonctionnaire fest.

Mir ass zougedroe ginn, dass a verschiddene Ministèren an och Etablissements publics d'Uweisung vun Uewe komm ass, de Gewerkschafte keng Informatiounen zu festgestallte Problemer am Service weiderzeginn. Deemno ginn d'Gewerkschaften, ënnert Anerem, an hirer Funktioun behënnert "de formuler des propositions relatives à l'amélioration des conditions de travail, à l'organisation, la restructuration et la rationalisation des services", well se net déi néideg Informatiounen, fir d'Ausübung vun dëser Aufgab asammele kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann de Minister ausschléissen, dass d'Regierungsmemberen an hier Direktioune Consignen (formell an informell) erausginn hunn, déi et de Staatsbeamten an Employéeë verbidden, Informatiounen un hier Gewerkschaft weiderzeginn? Falls nee, bei wéi engen Informatioune kann de Staat Schweigeflicht verlaangen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député